Et war eng Freed!

Interview mat dem Roger Weber, dem éischte Responsabel vun der „Lëtzebuerger Landjugend" vu 1975-1980

Wéi huet et mat der Landjugend ugefaang?

R.W.: Wéi an de 70er Joren ofzegesi war, dass d'Zuel vun de Baueren a Wënzer an eisen Dierfer ëmmer méi ofhuele géif, wollte sech déi jonk Leit vum Land eng nei Struktur gin, fir och déi Jugendlech unzespriechen, déi nët an der Landwirtschaft oder am Wäibau geschafft hun.
An den Dierfer waren deemools JAC (Jeunesse agricole catholique) an d'JAC-F (Jeunesse agricole catholique – Féminine) ze soen déi eenzeg Jugendmouvementer. D'Jongen a Medercher ware getrennt an hire jeweilege Groupéierungen.
Déi Jonk vum Land wollten dës geschlechtsspezifesch Trennung ophiewen.
Den deemolegen Direkter vun der kathoulescher Aktioun, de Mgr Victor Elz, hat domat séng Bedenken. Hien huet awer schliisslech nogin, allerdéngs mat der Aschränkung, dass sech d'Jongen an d'Medercher och missten e puer mol am Joer a getrennte Versammlunge gesin.
Ech war Vizeprësident vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a gouf du Responsabel vun der Landjugend. Am Ufank hate mir nach keng egestänneg Struktur, mee hu quasi als Aarbechtsgrupp vun de JB & JW funktionéiert.
Wéi d'Iddi vun der Landjugend awer ganz séier ee groussen Echo bei de Jonke selwer fond huet, gouf dun e separaten Nationalkomitee op d'Bee gestallt.

Wat waren d'Theme vun Äre Versammlungen?

R.W.: Mir haten onzieleg Diskussiounsronnen iwwert „Gott an d'Welt". D'Integratioun vun de Baueren an de Wënzer an den Dierfer, an dene si ëmmer méi zu enger Minoritéit gi sin, war e grousst Thema. Donieft hu mir äis fir d'Entwécklungs hëllef vun de JB & JW agesat, zum Beispill mat der „Aktioun Malafu". An den Haaptuertschafte vun den Dekanater hate mir Kelteren opgestallt an hu frësche Viz fir déi gutt Saach verkaaft.
An den eenzelne Gruppen hun Aumôniere vill zu der reliéiser a sozialer Formatioun vun de Mêmbere bäigedroen.

Den 1. Landjugendresponsabel, Roger Weber, hei mat sénger Fra a Frënn, feelt sielen ob engem Landjugenddag

Verschidde Gruppen haten och hir spezifesch Aktivitéiten: déi Réimecher ware bekannt fir hir Dräikinneksfeier, déi Furener fir hir Niklosfeier, déi Maacher hun d'Theatersoiréen opgefouert. Beim Pélé des jeunes huet d'Landjugend vun Ufank u matgemaach. Mir ware mat 200-300 Leit moies an der Kathedral fir d'Pélésmass.
Mir hun e groussen Deel vun eiser Fräizäit bei der Landjugend verbruecht. De Succès, dee mir dobäi haten, as esou ze erklären, dass duerch d'Organisatioun vun den diverse Manifestatioune vill Frëndschaften entstan sin. Doduerch war et ëmmer erëm flott, zesummenzesin a fir nei Saachen ze plangen.

Wéi as et mat dem Landjugenddag ugaang?

R.W.: D'Initiativ fir de Landjugenddag koum vun der Clierfer Grupp, an zwar vum Norbert Eilenbecker an dem Pierre Neser. Iwwerhaapt waren déi Clierfer och op denen nächste Landjugenddeg iwweraus gutt vertrueden. Si koume mat zwee Busser.
Eis Virstellung war déi, dass all Komiteesmêmber vun den 8 Landjugendgruppe op mannst sollt 10 Kollegen uschwätzen a matbréngen. Et sollt een Dag vun der Komerodschaft, nët vum „Geld maachen" sin. Moies um 10 Auer waren d'Busse fir d'Mass do, mat där de Landjugenddag jo bis haut ufängt. Owes um 23 Auer gung et nees heem. Si haten dann e flotten Dag an enger schéiner Géigend vum Land verbruecht.
D'Landjugendgruppen hu Kontakter mat den Duerfveräiner opgeholl, fir bei der Organisatioun vun der Manifestatioun ze hëllefen. Et bestung eng grouss Bereetschaft, fir eng Hand mat unzepaken. Vill Gemenge waren houfreg, wa si erausgewielt gi waren, fir de Landjugenddag auszedroen. Ganz séier krut de Landjugenddag och bei de politesch Ver antwortlechen eng fest Plaz an hirer Agenda.

Wat waren Déng schwéierst an Déng schéinste Momenter bei der LJ?

R.W.: Schwéier war déi Zäit, wou d'Bauerejugend gespléckt gouf. Dat huet äis eng Rei Mêmbere kascht. Den trageschste Moment awer war den Doud vum Charel Mangen vu Bierg. Hie war ganz aktiv am Veräin. Fir un hien als Mënsch an als Komerod ze erënneren hu mir e Fussballsturnéier organiséiert an d'„Coupe Charles Mangen" ausgedroen.
Zu dene schéine Momenter zielen e.a. ganz sécher eis Rees an den deemolegen Zaire mat engem Grupp vun de JB & JW, fir eis Entwécklungsprojeten ze besichen, an de CEJA-Kongress zu Roum mat enger Audienz am Vatikan. Déi schéinsten Erënnerunge mat der Landjugend sin awer déi vill flott Stonnen, déi ech am Krees vun de Frënn verbruecht hun, Frënd schaften, déi zum gréissten Deel nach bis haut bestin.

Leo WAGENER